



N° 7759  
Entrée le 14.03.2023  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 14.03.2023

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/03/2023

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Vill Kanner hei am Land ginn a verschiddene Betreuungsstrukturen ënnerbruecht, zum Beispill an enger Crèche oder enger Maison relais. De Staat iwwerhëlt iwwert d'Chèque-service accueil eng finanziell Participatioun fir d'Crèchen, wou d'Eltere bis zu 20 Stonnen d'Woch ze gutt hunn am Kader vum Programm "d'éducation plurilingue". Fir d'Maisons Relaisen iwwerhëlt de Staat di ganz finanziell Participatioun, bis op d'Schoulvakanken, wou d'Elteren dann ee klengen Deel selwer musse bezuelen.

Donieft gëtt et nach den Enseignement Precoce, wou d'Kanner net als "enfants scolarisés" ugesi ginn. Kanner, déi nëmmen hallef Deeg an de Precoce ginn, hunn nach 10 Stonnen d'Woch am Kader vum Programm "d'éducation plurilingue" ze gutt. Wann se awer ganz an de Precoce ginn, hu si am Kader "d'éducation plurilingue" keen Urecht op eng staatlech Hëllef ze gutt.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat gëtt den Enseignement Precoce bei dëser Reegelung net wéi d'Crèchen an d'Maisons relaise behandelt?
2. Huet de Minister wëlles, den Enseignement Precoce ze fërderen an de Kanner vun 3 Joer déi selwecht Chancen op eng méisproocheg Bildung ze erméiglechen?
  - Wann jo, wisou kréien déi Elteren, deenen hir Kanner vollzäit an de Precoce ginn, dann net déi selwecht Hëllef?
  - Wa nee, firwat net?
3. Firwat gëtt den Enseignement Precoce net méi als Alternativ zu den dacks iwwerfëllte Crèche gefërdert?

Mat déiwem Respekt,



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

---



CLEMENT Sven  
Deputéierten





**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7759 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

Et sief nach eemol drun erënnert, datt den Enseignement précoce iwwert d'Schoulgesetz definéiert ass an datt de Programm vun der Education plurilingue iwwert d'Jugendgesetz geregelt ass. All Crèche, déi eng finanziell Ënnerstëtzung vum Staat via de Chèque-service accueil (CSA) wëll froen, muss de Programm vun der Éducation plurilingue ëmsetzen an d'Konditiounen vum Programm erfëllen. Och wann dës Strukturen engem ënnerschiddleche Kader ënnerstinn, esou ass esouwuel de Programm vun der fréikandlecher Sproochfërderung wéi och de finanzielle Kader mateneen ofgestëmmt.

An de béide Bildungsofferen (Précoce an SEA) ass op eng spilleresch Manéier eng sproochlech Fërderung vun zwou vun eise Landessproochen, Lëtzebuergesch a Franséisch, mat virgesinn, wéi och eng Valorisation vun der Mammesprooch, déi d'Kanner matbréngen. Am Précoce steet d'Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch am Vierdergrond, nieft enger Initiatioun an déi franséisch Sprooch an der Valorisation vun de Sproochen, déi d'Kanner matbréngen.

Wat déi finanziell Ënnerstëtzung vum Staat ugeet, esou ass et wichteg ervirzehiewen, datt keng vun deenen zwou Méiglechkeeten (Précoce oder SEA) e finanziellen Avantage oder Desavantage fir d'Eltere mat sech bréngt. Déi 20 Gratisstonnen am Kontext vum Programm vun der Éducation plurilingue entspreche méi oder wéineger der selwechter Unzuel u Gratisstonnen, déi d'Elteren zegutt hunn am Fall, wou e Kand vollzäit an der Éducation précoce ageschriwwen ass. E Kand dat nëmmen hallef Deeg an de Précoce geet huet deementspreechend och just 10 Gratisstonnen am SEA zegutt an déi aner Betreuungsstonnen, déi nach geschëllt sinn, ginn dann nom Barème vum CSA facturéiert.

D'Eltere vun engem dräijäregen Kand hunn deemno de Choix a kënnen jee no Besoin selwer decidéieren, ob si hiert Kand wëllen an d'Éducation précoce aschreiwen oder léiwer an eng Crèche (SEA) oder eventuell op eng kombinéiert Bildungsoffer (Précoce an SEA) wëllen zeréckgräifen.

**Ad 2)**

Kanner vun dräi Joer hunn deemno déi selwecht Chancen op eng méisproocheg Bildungsoffer garantéiert, onofhängeg dovunner, ob se an de Précoce ginn oder an den SEA. Wat déi 20 Gratisstonnen am SEA ubelaangt, esou entspreche dës Gratisstonnen (20 St/W x 46 Wochen = 920 Stonnen/Joer) méi oder manner der Unzuel u Stonnen am Fall, wou e Kand vollzäit am Précoce (26 St/W x 36 Wochen = 936 Stonnen/Joer) ageschriwwen ass.

**Ad 3)**

D'Éducation précoce an d'Crèchë ginn zu gläichem Mooss gefërdert an et ass den Elteren iwwerlooss, en fonction vun hire Besoinen an de lokale Méiglechkeeten ze decidéieren, a wéi eng Bildungsstruktur si hiert Kand wëllen aschreiwën.

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2023

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH